N° 7649
Entrée le 22.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.02.2023

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 118 / 2023
24 FEV. 2023
A traiter par:
Copie à:

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

*„De Klimawandel ass ee grave Probleem, deen all Acteure vun eiser Land- a Forstwirtschaft betrëfft sou wéi och d'Gäertnereien an d'Uebstbaueren. Ëmmer méi Betriber leiden ënnert de Konsequenze vun dréchene Summeren oder dem Staarkreen, dee ganz Recolten a kierzester Zäit zerstéiere kann.*

*An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister an dem Här Bildungsminister folgend Froe stellen:*

*1. Wat fir eng Formatioune ginn de Moment de professionellen Acteuren ugebueden fir sech besser dësen Erausfuerderunge kënnen ze stellen? Wee sinn déi privilegéiert Partner, déi Konferenzen a Weiderbildungen ubidden?*

*2. Op wéi eng Manéier gëtt d'Thematik vun der Klimakris momentan an der Akerbauschoul behandelt fir esou d'Schülerinnen an d'Schüler op déi domat verbonnen Defien beschtméiglech virzebereeden? Wat sinn do d'Schwéierpunkten an der theoretescher a praktescher Ausbildung?*

*3. A wat fir engem Mooss droen d'Weiderbildunge fir d'Enseignanten dëser Problematik Rechnung? Wéi intensiv sinn dës mëttlerweil besicht?“*

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 7649 vum éierbaren Deputéierten André Bauler**

1. **Wat fir eng Formatioune ginn de Moment de professionellen Acteuren ugebuede fir sech besser dësen Erausfuerderunge kënnen ze stellen? Wee sinn déi privilegéiert Partner, déi Konferenzen a Weiderbildungen ubidden?**

Fir déi berufflech Weiderbildung an der Landwirtschaft, am Wäin- a Gaardebau ze férderen, ënnerstëtzt de Landwirtschaftsministère d'Organisatioun an d'Duerchféierung vu Coursen, Konferenzen an Demo-Versich mat finanzielle Bäihëllefen (Artikel 38 vum aktuellen Agrargesetz). D'Landwirtschaftskummer huet eng gesetzlech verankert Koordinatiounsroll, ermëttelt de Bedarf am Secteur an erstellt jäerlech een Aktiounsplang. Zousätzlech agreéiert Partner sinn: Bio-Lëtzebuerg an den MBR-Lëtzebuerg, déi den Acteuren aus dem Secteur bei der Organisatioun vu Moossnamen zum Wëssenstransfer zur Säit stinn.

Donieft ënnerstëtzt de Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, ënnert der Moossnam vun der Innovatioun a Fuerschung, eng ganz Panoplie vu Projeten, déi de Secteur méi resilient géigeniwwer dem Klimawandel an Zukunft maachen. Reegelméisseg gëtt en Opruff fir d'Areeche vu Fuerschungsprojeten organiséiert. Zeréckbehale Projeten decken ee breet Themefeld of, vun der Upassung vu Beweedungszäiten ënnert dem Klimawandel, d'Teste vun Alternativkulturen, déi besser mat deenen zukünftege Bedingungen zuwee komme wei déi bis elo genotzten Zorten, an d'Teste vu verschiddene Beaarbechtungsformen um Feld an hiren Impakt ënnert ënnerschiddleche Klimawandelbedingungen. Resultater vun dëse villfältege Projete ginn de Proffe vum Lycée Technique Agricole (LTA) reegelméisseg virgestallt, a si sinn och dacks aktiv u verschiddene Projete bedeelegt. Weider Partner sinn an de Projeten, déi de Klimawandel betreffen: de Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST), d'Institut fir Biologesch Landwirtschaft an Agrarkultur Luxemburg (IBLA), d'Landwirtschaftskummer a beispillsweis d'CONVIS. Dës Acteuren assuréieren och, datt d'Wëssen, wat an de Projete gewonne gëtt, un de Secteur weidergi gëtt.

Och am Lëtzebuerger Wäibau ass den Impakt vum Klimawandel zanter 2019 Objet vu verschiddene Fuerschungsprojeten. Den Institut viti-vinicole organiséiert ausserdeem a reegelméissegen Ofstänn Virträg zu dësem Thema am Kader vum Lëtzebuerger Wäibaudag oder a separaten Informatiounsveranstaltungen. Theme betreffen d'Wiel vum richtege Planzungsmaterial (Ënnerlag, Riefzort), den optimalen Zäitpunkt fir d'Drauwelies, Bewässerungssystemer, den Impakt op d'Typizitéit vun eise Wäiner a vum Cremant an de Monitoring vun invasive Schädlingen. Experten oder Partner sinn d'Fuerscher vum LIST, Beroder vum Institut viti-vinicole, Experte vun diverse Versuchs- a Fuerschungsinstituter oder spezialiséierte Firmaen aus Däitschland a Frankräich.

Um Landwirtschaftsportal (https://agriculture.public.lu/de/beihilfen/beihilfen-bis-2022/innovation-forschung.html) fënnt een zu alle vum Landwirtschaftsministère subventionéierte Forschungsprojeten detailléiert Informatiounen.

Och den LTA ass an dësem Beräich reegelméisseg aktiv, dëst am Kader vun enger ganzer Rei vu Projeten, bei deenen d'Thematik vun der Upassung un d'Klimaverännerung ugeschwat gëtt. An Zesummenaarbecht mat senge Partner organiséiert den LTA zum Beispill sougenannten „OnFarmShowen", zu deenen d'Baueren an aner Acteuren aus dem Milieu professionnel ageluede ginn. Donieft ass souwuel bei den Demo-Felder wéi bei den Zorteversich d'Upassung un de Klimawandel en Thema.

Den CNFPC Ettelbréck (Centre national de Formation professionelle), zanter Joren e wichtegen Acteur am Beräich vun der professioneller Weiderbildung, integréiert a senge Coursen déi am Kader vun der Recommandatioun N16 vun der AAA (R16 LANDWIRTSCHAFT, FORSTWIRTSCHAFT, GARTEN- UND WEINBAU - EMPFEHLUNGEN ZUR UNFALLVERHÜTUNG) organiséiert ginn, d'Probleematik vum Klimawandel an de Bëscher:

| | |
|---|---|
| FW-MS1 | Bases du travail avec la tronçonneuse et travailler en sécurité sur le bois couché au sol |
| FW-MS2 | Abattage d'arbres et façonnage du bois en sécurité |
| FW-RW | Travailler en sécurité sur le treuil de débardage |
| FW-FLK | Travailler en sécurité avec la grue de chargement à bois |
| MS | Travailler en sécurité avec la tronçonneuse lors d'activités non forestières |
| FS | Travailler en sécurité avec la débroussailleuse |
| HS | Travailler en sécurité avec le taille-haies |
| SKT | Travaux en toute sécurité lors de l'élagage d'arbres sur cordes |
| SKT-MS | Travaux en toute sécurité lors de l'élagage d'arbres sur cordes avec tronçonneuse |

**2. Op wéi eng Manéier gëtt d'Thematik vun der Klimakris momentan an der Akerbauschoul behandelt, fir esou d'Schülerinnen an d'Schüler op déi domat verbonnen Defie beschtméiglech virzebereeden? Wat sinn do d'Schwéierpunkten an der theoretescher a praktescher Ausbildung**?

An der Akerbauschoul gëtt de Sujet vum Klimawandel an der Nohaltegkeet an alle Klassen thematiséiert: Zanter dësem Schouljoer huet all Klass, nieft dem Klassendelegéierten, och e Klima- an Ëmweltdelegéierten. Dës Iddi ass entstanen am Kader vum Projet d'établissement „**L**et's **T**ake **A**ction", bei deem déi ganz Schoulcommunautéit sech intensiv mam Thema Nohaltegkeet a Klimawandel beschäftegt.

Donieft ass den Nohaltegkeetsgrupp schonn zanter Joren an dësem Beräich aktiv, an organiséiert eemol am Joer déi sougenannte „Future Days", op deenen Aktivitéiten a Workshoppen zum Thema Nohaltegkeet a Klimawandel ugebuede ginn.

Klimawandel an Nohaltegkeet sinn a quasi alle Modulle vun der professioneller Ausbildung fest verankert.

Am Beräich vun de landwirtschaftleche Formatioune gëtt beim Technicien agricole an de Modulle *BENAB* (*produire de façon durable*) an *NATGE* (*respecter l'environnement dans le cadre de l'entreprise*) grad ewéi beim *DAP Landwirt* am Module *BETNA* (*Betrieb nachhaltig bewirtschaften*) ee besonneschen Akzent op dës Thematik geluecht. Mee och an deenen anere Modullen ass de Klimawandel en ëmmer méi wichtegt Thema, well en en direkten Afloss op zukünfteg Produktiounsweisen an -techniken esouwéi och op de Planzeschutz huet.

Wéi schonn uewe gesot, ergänze Grénglandversich, Zorteversich a produktiounstechnesch Versich d'Angebot, fir d'Schülerinnen an d'Schüler sou gutt wéi méiglech op déi zukünfteg Erausfuerderungen a puncto Klimakris virzebereeden.

Och am Beräich vum Gaardebau ass d'Thematik vum Klimawandel zanter Joren en Thema.

Am Landschaftsgaardebau fënnt duerch de Klimawandel eng Ännerung am Planzesortiment statt. Aus deem Grond hunn d'Schülerinnen an d'Schüler aus dem Gaardebau scho viru Joren e sougenannte *Klimabaumpfad* ugeluecht; dëst ass bis elo deen eenzegen zu Lëtzebuerg. Am Kader vun der Expo LUGA25 (*Luxembourg Urban Garden 2025*) sinn d'Schülerinnen an d'Schüler amgaang, och an der Stad Lëtzebuerg esou e *Klimabaumpfad* unzeleeën. Si ginn dobäi vun engem international unerkannten Expert ënnerriicht.

Och am Beräich vum Geméisbau sinn de Klimawandel an déi domat verbonne Problemer e grousst Thema, dat esouwuel wéinst ëmmer méi heefege Klimaextremer (Iwwerschwemmungen engersäits, grouss Dréchenten anerersäits) wéi och doduerch, datt d'Produktiounsperiode vun eenzelnen Aarte sech verschibe wäerten an och nei Planzeschutzproblemer optauche wäerten.

Am Beräich vun der Sektioun *Environnement naturel* kënnt een zanter Laangem net méi laanscht d'Thematik vum Klimawandel: An de Bëscher sinn déi direkt an indirekt Konsequenze vum Klimawandel déi lescht Joren esou staark ginn, datt se och Net-Fachleit an d'A falen. Eng konkret Aktivitéit an deem Beräich ass zum Beispill den Niderbierg (e Bësch zu Bettenduerf, deen den LTA opgrond vun enger Konventioun mat der Administration de la nature et des forêts bewirtschaft) wou d'Schülerinen, d'Schüler an d'Enseignantë vun der Sektioun *Environnement naturel* mat de Bamschoulgäertner zesummeschaffen, fir eenheemesch Eechen opzezéien, déi d'Fichten an deem Bësch ersetze sollen, fir de Bësch méi klimaresilient ze maachen.

D'Thematik vun der Klimaresilienz ass deemno an alle professionellen Ausbildunge grad ewéi och op der Sektioun *Sciences naturelles* an op den ënneschte Klasse vum Enseignement secondaire général erëmzefannen.

3. **A wat fir engem Mooss droen d'Weiderbildunge fir d'Enseignanten dëser Problematik Rechnung? Wéi intensiv sinn dës mëttlerweil besicht?**

Am Schouljoer 2021-2022 huet den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) ronderëm de Sujet vum Développement durable 111 Weiderbildungen organiséiert, un deenen 2.222 Enseignanten deelgeholl hunn.

| | ***Unzuel u Formatiounen*** | ***Unzuel u Partcipanten*** |
|---|---:|---:|
| National Weiderbildung | 83 | 1863 |
| Schoulintern Weiderbildung am Enseignement fondamental | 22 | 280 |
| Schoulintern Weiderbildung am Enseignement secondaire | 6 | 79 |
| Total | 111 | 2222 |

Dobäi goufe ganz ënnerschiddlech Sujete behandelt; et siefen hei e puer Beispiller vu Formatiounen zitéiert: „Ressourcen- a Klimaschounung an der Schoul", „Nachhaltigkeit, Ressourcen und Co. - Was steckt dahinter?", „Von der Abfallwirtschaft zur Circular Economy", „Der naturnahe, essbare Schulhof – Anbau von Bio-Obst und Gemüse an unserer Schule", „In Verbindung mit Natur und Wald", „Bildungsort Bauernhof", „Bodentiere im Wald: spielerisch die Welt der Kleintiere entdecken und kennenlernen", „Essbare Wildkräuter", „Kraft der Bäume", „Klimakrise und Klimabildung – Wie Schulen auf den Klimawandel reagieren können", „La planète entre nos mains – Éducation au développement durable (EDD), Objectifs de développement durable (ODD)", „Nachhaltigkeit und Umweltbildung mal anders: Digitale Methoden, Spiele, Simulationen und Beispiele", „De Bësch am Fréijoer".

Lëtzebuerg, den 22. März 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN